N°3375
Entrée le 22.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.12.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg baut weiderhinn um Streckennetz fir Vëloen. 2018 hat déi virëg Regierung matgedeelt, et wéilt een d'Streckennetz vun 630 Kilometer Vëlosstrecken op 1103 Kilometer ausbauen (ee Plus vun 473 Kilometer, +75%). Um Portail des Travaux publics ass aktuell ze liesen:
"*Le réseau national des pistes cyclables englobe actuellement quelque 950 km de pistes dont actuellement 600 km sont réalisées.*"

Den Ausbau vum Streckennetz schéngt also net wierklech weiderzekommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäerten déi 473 Kilometer Vëlospisten gebaut ginn?
2. Wéi eng Projete goufe fir de Bau zréckbehalen a wou sinn se drun?
3. Wéi eng Strecken wäerten net realiséiert ginn?
4. Dierfe Vëlospiste laanscht fléissend Gewässer installéiert ginn a wéi eng Aspekter mussen hei respektéiert ginn am Zesummenhang mam Waasserschutz?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

5. An der Äntwert op d'Fro n°1458 hat d'Ministesch geschriwwen, dass Vëlosfuerer:innen, déi ee spezifesche Problem um nationale Reseau observéieren, eng Email un pistescyclables@pch.etat.lu kënne schécken mat enger Foto an Lokaliséierung.
   Wéi vill Leit hunn dëst an deene vergaangene Jore gemaach?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés